

WANDROUS

N° 342 Spiirkel/ Lenzmount 2013

février / mars



Kënnt 5 mol pro Joër eraus / Abonnement 25.00 Euros / CCPL: LU 82 1111 0498 5493 0000



Chefredakter: Guy MOYANO
Verantwortlech vir den Drock an d'Verschécken: Groupe LBB
E-mail: wandrous@lionsbleus.lu / Tel: 49 50 51
<http://www.lionsbleus.lu>

Lies d'Wandrous da baste ëmmer up to date!!!



Wandrous Publicitéit



Waat brauchs Du vir Geld ze spueren?*



Loscht op schick Sportkléder oder Sportmatériel!
Eng gültig Memberskaart vun den LIONS BLEUS!
Den VIKING-ADVENTURES zu Tréier!

Paulinstrasse 25
D-54292 Trier



**d'LIONS BLEUS
kaafen beim
VIKING-ADVENTURES!**

* op all Akaaf kris du 10% wanns du deng gültig Lions-Bleus Memberskaart weis!
an zum Schluss vum Joër kritt den Groupe eng Ristroume op dem Joresëmsatz!



www.viking-adventures.de

!!! Opgepasst ÄNNERUNG !!!

« KOMM HOL DAS LASSO RAUS,
WIR SPIELEN COWBOY UND INDIANER »

Wuhhhhhuuuu! An lass geet et...endlich kënnen mir eis rëm an eis schéinsten Fueskostümer stiechen, d'Gesichtsfaarwen raushuelen an d'Troteren aus dem Schaaf kroomen, well mir maachen rëm eng FUESPARTY!!!! Ob mir als Monster, Hex, Zauberer, Cowboy, Indianer oder Pirat kommen spillt dobai keng Roll, et soll nëmmen schéin an faarweg ausgesinn. An d'Verkleedung nët vergiessen!!!! Vergiesst awer dobai nët un d'Wieder ze denken an deementsprechend och eng Reenjacket an en waarmen Pullover matzebréngen.



WEINI ?? den 23.02.2013 am Home vun den Lions Bleus

START?? Samstes um **14:00**Auer

CLOTURE?? Samstes um 17:30 Auer

SOUCHE?? ass bis den 2/02/2013 oofzeginn

PRÄISS?? **5€**, sinn op den Compte: Les Lions Bleus Asbl-Meute (CCPL IBAN Lu64 1111 2581 2205 0000) ze iwwerweisen.



Heimat mellen ech den op d'Fues-Sortie den 23.Februar 2013 un, dien sëch als verkleed. Et geet um 14.00 mëttes un, an dauert bis 17.30 Auer.

.....
Ënnerschreft vun den Elteren

BAACK-Aktioun/SORTIE den 23.02.13 fir SG/EX/RV

Grouss BAACK-Aktioun'13 bei den bloën Léiwen



Ënnerstëtzt eis ALLEGUERTEN...
op aktiven Member, Amicale, Elteren, Famill,
Noperen oder Frënn....

an **bestellt** bei eis **lecker Kichelcher**,
fir dat mir genuch ze dinn kréien :)

kleng / grouss Tuut Kichelcher --> **3€** ou **5€**
petit / grand sachet de biscuits --> **3€** ou **5€**



BAACKSORTIE?


Wéini & wou? Samstes, den 23/02/2013 zu Bouneweg am Home

Start 9 Auer & Fin 18 Auer!

Waat brauchst du op der Sortie? Daat waat e SG, EX, RV sou brauch op enger Sortie.
Evtl Kachschirtech & vill Motivation :) :)

Praïss? --> **8€**, fir den Mëtteskascht & Co., sinn bis spéidstens den 10. Februar 2013 ze
iwwerweisen op den Compte vum FISCHER Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)
mat der Mentioun 'BaackSortie & Numm vum Participant'

Umeldung? per Souche, bis den 10. Februar 2013 bei déngem Chef.



FIRWAAT sou eng Baack-Aktioun?

Dës ass geduecht fir zousätzlecht d'Geld zesummen ze kréien, fir eisen
Summercamp SAIL '13 an Holland zesummen mat den Scouten, Explorer & Rover.

Sou kënnen mir den Präiss vum Camp relativ déif haalen, an eis och nach e flotten Camp T-shirt dovunner leeschten...
Dofir ënnerstëtzt eis w.g.l. an bestellt lecker selwergebaacken Kichelcher fir den gudden Zweck :)

Heimat erlaaben ech _____ mengem(er) Hobbybäcker(eg) _____
un der grousser Baack-Sortie'13 den 23. Februar 2013 deelzehuelen

Ënnerschrëft _____

---> Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher / commande biscuits / Bestellung Kichelcher <---

Ech (Je) _____ bestellen gären (veux commander)



_____ x kleng Tuut (petit sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **3€**
_____ x grouss Tuut (grand sachet biscuits)
Kichelcher fir e Stéckpräiss vun **5€**



_____ Ënnerschrëft (signature) vum zukünftigen Kichelchersknabberer

--> Méng Kichelcher kann ech deen Samsteg tëschend 14-18 Auer am Home oofhuelen kommen an bezuelen <--

GRIECHENCAMP

Léif Wëllef,

Zu Akropolis geschéien komesch Saachen. Näischt ass op senger Platz an keen Gott behellt sech sou wei hien soll. Den Poseidon, deen normalerweis Gott vum Mier as an all Äerdbiewen ausléist, mengt hien wier een Amor. Aphrodite, Göttin vun der Léift, kritt fir all Klenggekeiten een Wutanfall. Den Zeus kann net méi ophalen mat kräischen an den Chronos (Gott der Zäit) well onbedéngt d'Fra vum Poseidon erschloen.

An Numm vun der Uerdnung bieden ech erch häerzlech zu Akropolis anzereesen an mir ze hëllefen erëm Uerdnung ze schaafen.

Mat frëndlechen Gréiss,

Themis, Göttin vun der Uerdnung an vun der Gerechtegkeet



Wéini geet d'Rees lass? Den 23.März 2013 um 14h op der Gare Centrale

Wéini ass ët färdeg? Den 25.März 2013 um 16h op der Gare Centrale

Präiss? 38 EUR mat der Mentioun Griechencamp op den Compte: Les Lions Bleus Bonnevoie a.s.b.l. - Meute (CCPL IBAN LU64 1111 2581 2205 0000)

Waat brauch ech? Schloofsaack, Gamelle, Wäschaachen, dem Wieder ugepassten Kleeder, dem Wëllefchen séng 5 Saachen, E-Go Kaart oder Jumboskaart, Taschenluucht, mäin griechëscht Gezäi an nach alles, waat een op dem Camp esou brauch :)



Ech Mamm/Papp
erlaaben méngem Griech(in)
op den Griechen-Camp den 23.-25.März 2013 vun den
Lions Bleus mat ze goën.

Ënnerschrëft:



Queesch duerch Lëtzebuerg! An nach vill méi wait!

SUPER, COOL, GAIL, MEGA, AWESOME, ULTRA, KRASS, BRILLIANT, HOT, FETT, DECK DI COOL, VOLL OPGEACROSSED: D'SCOUTEN GIN NEES OP EN CAMP VOLANT!!!

Bass de bereet en Schratt méi wäit ze goën? Bass de bereet déng Grenzen kennenzeléieren an esouguer ze iwwerschreiden? Bass de bereet an en onbekannt Land fiirzestoussen? Ma dann komm mat op den Ouschtercamp! Well eis Rees geet nom letzte Joër Lëtzebuerg elo nach vill méi wäit, bis an Däitschland! NEE hei geet et net op Tréier / Saarbrécken oder esou eppes langweileges! Nee hei wäerts du Saachen gesinn, do wosst du mol net dat Däitschland esou Saachen hätt! Reizt daat dann net mat ze goën? Majo dann zéck net an mell déch un fir den U-L-T-I-M-A-T-I-V-E-N Camp!

Wéini geet et lass?

Den 4. Abrëll 2013 um 9.00 Auer mat tiptoper Uniform, déngen Saachen fir den Camp an engem groussen Rucksack, an an engem klengen Rucksack mat Pic-Nic fir Mëttes op der Gare Centrale de Luxembourg.

Wéini sinn mir erëm zeréck?

Den 6. Abrëll 2013 um 16.00 Auer op der Gare Centrale de Luxembourg.

Waat brauch een fir sou eng ustrengend Rees?

Waarmen Schloofsaack (well mir schloofen dobaussen), Carrymatt, Gamelle & Kichenduch, Bidon, Biergschong, dem Wierder ungepassten Kleeder, Jumbokaart / E-Go Kaart oder 2 rout Ticket'en, Pijama, Zännbiischt, Biergschong ...

Waat kascht de Spaass?

40 Euro, sinn ze iwwerweisen op den Compte vum Manon Fischer (CCPL LU69 1111 1943 4251 0000) mat der Mentioun "OC+Numm vum Kand"



----- SOUCHE-SOUCHE-SOUCHE-SOUCHE-SOUCHE-SOUCHE-SOUCHE -----



Heimat mellen ech mäin Scout / Guide un, fir den Ouschtercamp vum den Scouten (4/04-6/04/13) an iwwerweisen d'Suen rechtzäiteg am Delai op den richtegen Compte.

Ënnerschrëft vum Elterendeel:



SAIL 2013 an Holland

fir SG/EX/RO



*Mir sinn fir de Moment zu **38** !!!*

*Eng stolz Zuel. An dofir segelen mir
och mat zwee Booter, wéi der ënnen
op den Photo'en kucken kënnst.
--> Ab elo sinn et nët mol méi sechs
Méint, an dann sinn mer schon ënner-
wee um Issel- an Wattenmier :) :) :)*

Wéini?

Freides owes 02.08.2013 - Sonndes owes 11.08.2013

Präiss?

Acompte 1 = 150€ (non remboursable) (bis den 1/01/2013)

Acompte 2 = 150€ (bis den 15/01/2013)

Acompte 3 = 150€ (bis den 30/06/2013)

op den Compte vum Fischer Manon (CCPL IBAN LU69 1111 1943 4251 0000)

450€

Baacksortie?

--> Samstes den 23. Februar 2013 (Détailer fann der bei der Souche)

ËNNERSTËTZT EIS !!! an BESTELLT/KAAFT EIS LECKER FUESBULLEN :)

Nach Plaatz fir mat op den Camp?

Bass du nach nët ugemellt??? Dann ass daat hei lo déng allerletzten Chance fir kënnen dobai ze sinn!!!
Mir hätten nach d'Méiglechkeet maximal 2 Léit matzehuelen!!! --> AVIS AUX AMATEURS :)



Februar

02. Beaverversammlung	14:00 - 16:00
09. Keng Versammlung	(Fuesvakanz)
16. Keng Versammlung	(Fuesvakanz)
23. Beaverversammlung	14:00 - 16:00



März

02. Beaverversammlung	14:00-16:00
09. Sortie	(Informationen kommen noo)
16. Beaverversammlung	14:00-16:00
23. Keng Versammlung	(Vakanz)
30. Keng Versammlung	(Vakanz)

Abrëll

1.-3. Ouschtercamp	(Informationen kommen noo)
6. Keng Versammlung	(Vakanz)
13. Beaverversammlung	14:00-16:00
20. Beaverfunday	(Informationen kommen noo)
27. Beaverversammlung	14:00-16:00

Mee


4. Beaverversammlung	14:00-16:00
11. Sortie Parc Merveilleux	11:00-16:00
18. Beaverversammlung	14:00-16:00
25. Keng Versammlung	(Vakanz)



Beaverklack,
Maiti, Lena an Nora

Programm Meute

Den Meute - Programm



Februar

- | | |
|----------------------------------|---------------|
| 2. Versammlung | 14:00-16:00 |
| 3. Sixerdaag (nemmen fier Sixer) | 09:15-16:30 |
| 9. keng Versammlung (Vakanz) | |
| 16. keng Versammlung (Vakanz) | |
| 23. Fuesparty | 14:00-17:30 ! |

März

- | | |
|---------------------------------|-------------|
| 2. Versammlung | 14:00-16:00 |
| 9. Versammlung | 14:00-16:00 |
| 16. Versammlung | 14:00-16:00 |
| 23.-25. Ouschtercamp | 14:00-16:00 |
| 30. Vakanz (keng Versammlung) | |

Abrëll

- | | |
|------------------------------|-------------|
| 6. Vakanz (keng Versammlung) | |
| 13. Versammlung | 14:00-16:00 |
| 20. Versammlung | 14:00-16:00 |
| 27. Versammlung | 14:00-16:00 |



Programm Troupe den SG - Programm

FEBRUAR

- 3. WANTERLAAF (FNEL)
- 9.+16. keng Versammlung --> Vakanz
- 8.-17. TECHUANA WANTER
- 23. BAACKSORTIE

MÄRZ

- 2. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 9. Leadershipversammlungen 14:00-16:00
vum Sarah, Max & Yann
- 16. Truppenversammlung 14:00-16:00
- 23.+30. keng Versammlungen --> Vakanz
- 28.-30. OUSCHTERCAMP

ABRËLL

- 6. keng Versammlung --> Vakanz
- 13. Patrullenversammlung
- 20. Patrullenversammlung
- 27. Truppenversammlung

MEE

- 4.-5. EXPLO Inauguration Nouveau Siège fédéral
- 11. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 18. PËNGSCHTCAMP
- 25. keng Versammlungen --> Vakanz

JUNI

- 2. Keng Versammlung --> Vakanz
- 8. LEADERSHIP SORTIE
vum Sarah, Max & Yann
- 15. Patrullenversammlung 14:00-16:00
- 22. FAACKELZUCH
- 29. Patrullenversammlung 14:00-16:00



Atra / Tamia / Christophe / Nèkkel / Mauro / Ludovic

Programm Explorer

Ben Explorer - Programm



Februar

02.2.13	Exploreerversammlung	14-16 Auer
08-17.2.13	TECHUANA 2013 Wanter	
23.2.13	Exploreerversammlung	14-16 Auer

März

09-10.3.13	Explorer-Roverraid	
16.3.13	Exploreerversammlung	14-16 Auer

Abrell

01-06.4.13	FNEL Berlincamp 2013	
13.4.13	Exploreerversammlung	14-16 Auer
27.4.13	Exploreerversammlung	14-16 Auer

Mai

04-05.5.13	Explo Fnel Inauguration QG	
11.5.13	Exploreerversammlung	14-16 Auer
18-21.5.13	Paischtcamp zu ????	



Rapport JOTA-JOTI 21.-22. Oktober 2012



Um 14 Auer war Rendez-Vous zu Mamer beim Home vun de Mamer Wiselen. D'Sonn huet geschengt, et war warm also kee Grond vir schlecht gelaunt op en Camp ze goen. Wie Jiddereen do war, hun mir e Carré gemaach an d'Scouten kruuten erzielt, dass si eng Zaitrees gemaach hun an dass sie elo müssen verschidden Aufgaben maachen, vir zereck an d'Zukunft ze reesen.

No e puer klengen Kenneléierspiller ass et dunn lass gaangen mat den

verschiddenen Atelier'en. All Patrull huet missen 6 Atelier'en maachen. Ugaangen ass et mat engem Morsegerät bauen. Den Tameng huet vir all Patrull 2 Morsegeräte gebaut, déi herno en schrecklechen Toun konnten vun sech gin

Den nächsten Atelier war beim Valerie. Hatt huet de Scouten erklärt, wéi, wéini an wou den Telefon erfondt gouf an ewéi d'Kommunikatioun iwwer déi lescht 100-150 Joër sech verännert huet. Wann een hei färdech war, ass et wieder gaangen bei de Ludovic. Hien huet eng praktesch Uwendung mat den Morsegeräte gemaach, wou d'Scouten där aanerer Equipe eppes müssen zommorsen. An wieder geet et elo erem an d'Zukunft! Awer nemmen vir eng hallew Stonn vir ze chatten. Hei hun d'Kanner mat Scouten op der ganzer Welt gechatt an sie hun esou vill Länner wéi meiglech missen fannen. Leider war wéinst der zaitverschiebung net esou vill interkontinentalen Chat méiglech...

Duerno sin nach all Patrull funken gaangen. Daat awer hei nemmen innerhalb vum Land. De leschten Posten war nach e puer kleng Spiller baussen an déi ganz Posten waren esou cool dass d'Zait séier emgaangen ass an et dun schon z iessen gin ass! Vir Owesiessen goufen et Paanescher mat Geméiszopp an Nutella, Gebees, Kompott, an an an.... Nom Iessen gouf gespullt an gebotzt an déi aaner Chargen gemaach. Wéi alles blitzebank war, ass et dun eraus bei d'Feier gaang an d'Nuetsspill ass erklärt gin, ier mir dun fortgaangen sin. Leider konnt ech net beim Nuetsspill dobai sin dovur kann ech net vill soen mee anscheinend war et awer super cool Duerno ass dun Jiddereen schloof gaangen well et war io awer en ustrengenden Daag.

Den Daag drop ass et dun um veirel op 8 erem lassgaangen. Nodeems Jiddereen opgestaanen ass, ass et dun kaffi gin. Et goufen Schmieren mat verschiddenem drop an och souguer Schocklasmellech. No den Chargen ass et dun op d'Jeu de Ville gaangen. All zesummen si mir dun op Mamer getrepelt an do gouf dun eng Art an Weis vun engem Gänsepill awer natirlech vill méi cool. Zereck am Home goufen et dun en Hamburger to Go natirlech frësch gemaach. No e puer klengen Spiller sin d'Elteren dann komm an no enger Chaine des Adieux konnten d'Kanner leider erem heemgoen.

ATRA



HO! HO! HOOO!

Nodeems den ganzen Kleeschestress nees eriwuer ass, hun ech mir mol geduecht, dat ech dëst Joër den Rapport fir an d'Wandrous schreiwen.

Wéi all Joër hun ech mech gefreet fir bei méng Allerlieblings-Scouten op Bouneweg ze kommen, mee leider haat ech all méng Kadoën ënnerwee verluer!

Ech wor sou verzweifelt, an haat schon geduescht ech kéint nët méi an d'Home kommen.

Mee dun krut ech vun méngen Engelen geflüstert dat d'Beaver, d'Wëllef, d'Scouten & Guiden, d'Explorer an d'Rover sëch bereed gestallt hun, fir mir ze hëllefen all d'Kadoën sichen ze goën.

Keen Wonner dat dir méng Lieblingsscouten sidd! Dir maacht mir all Joërs d'Liewen méi einfach an sidd ëmmer bereed engem ze hëllefen!

Nodeems dir mir den ganzen Stress vun den Kadoën eweg geholl hudd, konnt ech mëch op den Wee maachen fir bei ierch eroff an d'Uelzechtdall. Den Wee hun ech an Hand vun ärem Gesang fonnt an dun konnt ech mer ët an méngem üblechen LBB-Canapé gemiddlech maachen.

D'Beaver haaten mir een flott Lidd préparéiert an fiirgedroën, dofir kruten sën dann och eppes fir hiert flott Matmaachen.

D'Meute haat mir een selwer geschriwwent Lidd fiir-gesongen an dobai richtig cool "Moves" dobäi gemaach. Well d'Wëllefcher ëmmer engagéiert sinn, kruten sie vun mir fuschnéi Bläistëffer, Tuschbic'en an eppes fir Frëndschaftsbännescher kënnen ze maachen.

D'Scouten hun sëch natiirlech och eppes anfaalen gelooss an kruten pro Patrull e klengt Spillchen an eng Protectioun fir topographesch Kaarten, mat der sie elo TOP équipéiert sinn fir op den Trajet kënnen ze goën.

An zu gudder lescht hun d'Explorer och eppes préparéiert gehaht, sie kruten vun mir Sëcherheetswesten mam LionsBleus-Logo um Réck, fir dat sie sëcher ënnerwee sinn an der Unitéit, egal op op der Strooss oder am Bësch.

Nodeems ech keen vergiess haat, misst ech mëch leider nees weider maachen op mäin Tour (well déi aaner Kanner jo och mëch waarden), mee ech krut verzielt dat dir am Home nach lecker Schocki an Boxenmännchen giess hudd! Hmmm LECKER!



1.Daag

Mir hun eis schon moies fréi am Home getraff. Vue-que dass mer vill fier haaten, hun mer eis dunn och direkt un d'Aarbëscht gemaach. Dës Aarbëscht huet doraus bestaaten dass mer Kichelcher gemaach hun. Den ganzen Moien hun mir also fläisseg Kichelcher aus dem Deeg erausgestant. Pünktlech um 12 Auer hun mer eis dunn awer gestärkt, an zwar gouff et leckeren Gromperenpurée mat Wiirschtecher & Geméis. Mat neier Motivatioun sinn mer dunn mol als éischt bëssen eraus an d'frësch Loft gaangen an hun dobaussen e puer Spiller gespillt. Wou dunn all Mensch gudd midd wor ass et rëm rangaang, well mer waren nach laang nët faerdeg mat eisen Kichelcher. Also ass et alt virungaangen. Blech em Blech hun mer gefëllt. An der Zäit wou d'Kichelcher oofgekillt sinn, hun mer fir all Tuut eng schéin individuell Etikett gebastelt, fir deenen aalen Léit eng Freed ze maachen. Wou d'Kichelcher dun kaal genuch woren, hun mer së nach schéin dekoréiert mat faarwegen Pärelen, Zockerschrëft an ganz vill Léift. Sou lues huet den Moo sëch alt erëm gemëllt, an mer kruuten eng gudd waarm Bustawenzopp an lekker

P a a n g e s c h e r .
mer nach allerlee
dunn och schon
d'Bett ze beginn.
n a c h e n g
an dunn sinn së
schnell alleguerten



Noom lessen hun
Spiller gespillt bis et
Zäit wor sëch an
D'Kanner kruuten
Geschicht fiirgelies
méi oder wéineger
ageschloof.

2.Daag

Géint 8 Auer, wou
dunn och waakreg
Moies giess, an
hun dono gehollef
d'Chargen dunn all
hunn mir eng
e n g e m

aus Fimo dran gebastelt. Well mir um 12 am Altersheim Rendezvous haaten, hun mir eis awer missten eng kleng Stärkung mathuelen. D'Kanner konnten sëch e Sandwich maachen, an bei verschiddeenen waren do dann wei ëmmer d'Aen méi grouss wéi den Mo (: Mir hun eis dunn zu Fouss op den Wee gemaach fir an d'Altersheim zu Hamm. Do ukomm, goufen mir härerlech begrüsst. Sie haten eis den Dësch gedeckt, mat Jus & Cola, an all Kand kruut souguer eng Tuut Kichelcher geschenkt. Ier mir awer giess hun, sinn Kanner vun Dësch zu Dësch gaangen, wou d'Léit amgang waren mat iessen an hun hinnen eis selwer gebaacken Kichelcher geschenkt. Wou mir all eis Kichelcher verdeelt haaten, an souguer den Kach eng Tuut kruut, hun mir dunn eis Mëttegepaus gemaach. Wou dunn och eisen luesten lesser färdeg war, sinn mir op all Stack gaangen, wou dei Léit eis schon all erwaart hun, an sëch beieneen versammelt haaten. Eis Kanner hun op all Stack hinnen Chrëschtidaagslidders fiirgesongen. Et huet een den Léit d'Freed richtig ofgesinn an verschiddener wollten eis nët goën loosson ouni eis en klengt Dréngeld ze schenken. Eng Fra haat et ganz léif gemengt an huet eis en Paack Kichelcher geschenkt, sie wosst awer nët méi dass mir et waren dei hier dës Kichelcher virun enger Stonn geschenkt hunn :) Well sie eis schon bal nët méi goen loosson wollten, oder puer Kanner wollten dohaalen, sooten së eis së géifen sëch immens freeën wann mir d'nächst Joër zréck kéimen :) Mir hun eis dunn rëm op den Heemwee gemaach, an do hunn d'Kanner dann hieren Rucksack färdeg gepaack an Spiller gemaach bis hier Elteren së dann rëm sichen komm sinn.

dei lescht Kanner
waren, hun mir zu
verschiddeenen Kanner
mat Spullen. Wou
gemaach waren,
Schnéikugel mat
Schnéimännchen

Nora an Lena

Rapport Krëschtcamp

vun der Meute

Den 5. Januar hun mer eis mat den Wëllefcher op der Gare getraff wou se dann ganz "chill" vun hieren coolen Hippicheffen begrüsst ginn sinn ;)

Mir sinn an den Zuch geklomm fir op Miersch, wou mer dann e Bus kruuten deen eis dann op den Kuelbecherhaff gefouert huet. Eisen Buschauffer war eis direkt ganz sympathesch, well hien behaupt huet en wier en aalen Scout vun den Loutres gewiercht. Den Chauffeur huet eis dann beim Arrêt beim Kuelbecherhaff eraus gelooss, wou eis dann nach en méi ustrengenden Bierg befier stoung. Wou deen dann och gepackt war, kruuten d'Wëllefcher Zäit sëch an den Dortoiren ze installéieren. Ët schéngt wéi wann den Michel dem Propriétaire nët richtig nogelauschtert hat, well mir waren gudd 1 Stonn amgang rauszefannen wéi dann d'Elektresch am ganzen Haus soll ugoën :) Wéi mer dann dem Mann ugeruff haaten, huet sëch daat dann och ganz schnell geklärt an d'Wëllef sinn dann an 3 Sizainen agedeelt ginn. D'Blummen, Peace an d'Herzer. Fir déi wou ët wëssen, d'Hippien sinn meeschtens mat engem VW Bus rondrëm gefuer an sou huet all Sizaine missen hieren eegenen Hippibus kreieren.

Dono hun mer dann en ganzen Buffet opgeriicht mat Baguette an all mëgleges fir uewen drop. Wou dann jiddereen pup-saat war an d'Chargen gemaach waren, wor ët schons spët an d'Wëllef waren och schon midd. Do haaten d'Cheffen sëch dann en klengen Witz erlaabt. An zwar hun mer den Wëllefcher verklickert mir géifen elo d'Nuetsspill maachen waat dobaussen stattfënn. Verwonnerlëcherweis huet keen sëch Froën gestallt an keen no der Auerzäit gefroot :) Dobaussen haaten mer dann eng Art Schmugglerspill gespilt, wou d'Hippien hier Talenter am Schmugglen beweisen missten. Et

gouf gudd gelaaf an jiddereen huet sëch gudd amüséiert. Et ass schons méi kaal ginn, an d'Wëllef sinn dann rëm an d'Home gaangen wou mer hinnen Thèi gemaach haaten, an eis gudd Geschichtenerzielerin (Claude) huet hinnen dann en Märchen gezielt wou sie dann ganz gespaant nogelauschtert hun. Well sie dann nach ëmmer am Glawen waren dat ët owes spët wier, war d'Vesuchung einfach ze grouss sie an d'Bett ze schëcken. Waat mer dun och gemaach hun :) Wou së dann eng gudd Véirelstonn geschlummert hun, sinn mir së dann nees "erwäschen" gang an sie waren richtig verwonnert.

Zitat vum Emma: "Ass ët schon halwer 6?? Halwer 6 moies?? :)" Dono hun se dann hier d'Lidd fir owes op der Veillée fierbereed. Sie kruuten sou laang Zäit bis mer dann ganz lecker Kniddelen mat Speck giess hun. Owes war dann d'Hippiveillée wou och jiddereen sëch verkleed haat, an all Sizaine haat een nom aaneren hiert selwererfonntent d'Lidd fiirgedroën. Dertëschen sinn dann nach typësche Hippiespillen gespilt ginn. Hier 5 Sënner sinn all beunsprocht ginn. Et war eng witzeg Veillée an sie hun sëch ganz vill Méi ginn fir hier Lidder ze komponéieren. Ier së an d'Bett gang sinn, kruuten së nach eng kleng Entspannungsgeschicht erzielt.



Rapport Krëschtcamp vun der Meute

Den nächsten Daag sinn mer dann frëi opgestaanen an jiddereen huet dann säin Rucksack gepaack. Et gouf Moiesiessen (Cornflakes an Thèi). Nom lessen stoung dann nach eng Bastel um Programm. Jiddereen huet sëch en coolen Hippibrëll gebastelt. D'Glieser bestoungen aus engem Peacezeechen an sie konnten sëch allegueren déi Faarw auswählen wou se wollten. No villem Pechen, Droot dréien an Hëllef vun den Cheffen ass dann och all Brëll gelongen. Den Hunger huet sëch och sou lues an lues rëm bemierkbar gemaach an ët gouf dunn och Buschtaawenzopp mat Croutons.

Dono gouf nëmmen nach gebotzt, geraumt an gespullt. Wou dat dann sou gudd wéi färdeg war, haaten mer nach een Gänsepill gemaach wou se missten Biller fannen déi se virdrun gewisen kruuten, an wann se se fonnt haaten --> Froen beäntweren. Dei éischt missten schon kuerz dono mam Auto bis op Gare gefouert ginn an dèi aaner hun nach beim Home op hier Elteren gewaart. An sou ass dann jiddereen op déi eng oder aaner Art an Weis gudd heemkomm an haat hoffen mer en flotten Weekend hannert sëch :) **Aer Lieblingshippicheffen**



FNEL City Trip Brugge Rapport vun Nora & Sophie

Den 26. Januar 2013 hun sëch eng 64 aktiv Cheffen vun der Fnel mëttes um 14 Auer um Bouillon getraff fir hier éischt Rees an sou engem Kader op Brugges (B) ze starten. Déi 4 Stonnen am Bus hun nët zu engem Oofbroch vun der Stëmmung gefouert! Nee am Géigendeel, se ass souguer nach geklomm. Wou mer am fréien owend ukomm sinn, hun mer angecheckt an eis an der Jugendherberg installéiert. Mir hun eis Better, an awer och nach puer Better vun aaneren faulen Cheffen opgezunn.

Nodeems mer d'Staat an d'Geschäfte bësse erkennenegt, an déi belsch Loft getankt haaten, sinn mer rëm zeréck an d'Jugendherberg getrëppelt. Do ukomm, ass ët och schon direkt weider gaang an zwar op en romantëschen 3 Gänge Candle Light Dinner zesummen mat all deenen Aaneren. Nodeems mer eis den Bauch gudd vollgeschloos haaten an mer dem Vic gefillten 10 Kéiren Happy Birthday gesongen haaten, sinn mer schon rëm gestart. Des kéier fir daat belscht Nuetsliwen ze entdecken. Et war en owend deen wuel nach laang wäert an Erënnung bleiwen, well en einfach nëmmen genial wor.

Den Daag drop no enger méi oder manner laanger Nuecht, huet den Wecker eis rëm ganz vill ze fréi aus eisen séissen Dreem gerappt. Nom Kaffi an der Jugendherberge, frësch gestärkt hun mer eis op den Wee an d' Staat gemaach. Do haaten mer dann eng ganz interessant Visite Guidée mat puer makaberen Geschichten iwwert Brugges. Dunn wor ët och schon Zäit fir erëm den Bus ze huelen fir zeréck an eist schéint Ländchen. Jiddereen wor frou erëm doheem ukomm ze sinn, an mol richtig auszeschloofen.

Alles an allem war ët e super Weekend mat ganz interessanten Léit an mer freeën eis schon op den Nächsten!!!



Rapport Krëschtcamp vun den SG/EX


KC-SCOUTEN&EXPLORER_27-29.12.2012

Den 27. Dezember hun s'ech all d'Scouten déi s'ech um Chrëschtcamp ugemelt haaten bei der Gare angetraff. No enger Begrëiung gouffen mer an 2 Patrullen angedeelt. D'Patrull Gréng huet aus dem Pit, Pit, Charel, Charel, Jim, Sophie an dem Sarah bestannen. D'Patrull Roud huet aus dem Sam, Julien, Felix, Raphel, Justin an mir bestannen. An engem Zäitënnerscheid vun enger Véirelstonn huet all Patrull den Zuch geholl. No enger laanger Fahrt sinn mer an enger aanerer Gare ukomm. Vun do aus hunn mer den Bus geholl. Mir sinn an engem Bauerenduerf nees erausgeklommen. Do hunn mer den Message an enger Këscht fonnt. D'Koordinaten hun eis iwwert e Feldwee gefouert. Op enger Bänk hun mer eist Mëttegiessen fonnt. 5 Becksen Ravioli'en !!! Och nach en Briket an den nächsten Message. Leider haaten mer keen dréchent Holz fir d'Ravioli'en ze wiermen. No enger klenger Paus sinn mer weider e Wee mat vill Bulli gaangen. Mir sinn an engem klengem Duerf erauskomm wou et ugefaangen huet ze reenen. Wou mir aus dem Duerf nees op e Feldwee komm sinn huet et ugefaangen Knëppelsteng ze reenen. Mir sinn an den Bësch gerannt, do huet et nët méi esou vill gereent. D'Koordinaten hun eis eroof an den Bësch gefouert. Mir sinn den Wee weidergaang bis en esou onwanderech gouf das mer nees eropgaangen sinn. Mir missten iwwert d'Felder goën an ëmmer ënnert dem Stacheldroht erduerch klammen. Et war schon Däischter wou mer um Misärshaff ukoumen. Mir sinn eis an den Dortoiren anrichten gaangen an hun deelweis drëschen Saachen ugedoën. Wou déi Gréng Patrull och ukomm war an d'Explorer, hun mer nach e bëssen am grousem Sall Risiko gespielt. Dun gouff et z'iessen. Et waren Gromperen an Gehacktes. No den Chargen hunn mer eng "Zaitrees" gemaach. Dono sinn mer an den

Dortoir gaangen an hun geschloof.

Charel W.

Am zweiten Tag hatten wir mal endlich eine Gelegenheit auszuschlafen. Wir durften bis 9:00 schlafen weil es gestern so schlimm war. Am Frühstück wurden wir informiert dass wir Hexen vom Mittelalter aufsuchen müssen um Sachen zu kaufen für unsere Zeitmaschine. Es gab viele coole Missionen/Spiele z.B. : Ritterkämpfe, wo man Eier die auf den Herz plziert wurden mit Ritterlänsen erschlagen / Hexenjagt, wo man seinen eigenen Bogen & Pfeil bauen musste und dann eine Hexe damit erschießt /... Für jedes Spiel haben wir gefälschtes Geld gekriegt und damit die Sachen gekauft und die Zeitmaschine repariert. Am Abend spielten wir noch etwas wo es eine Hexe gab und alle andern waren Besucher. Jeder bekam eine Mission die man während der Runde ausführen sollte. Manche waren sehr verrückt wie z.B. mit einer Säule knutschen oder auf den Treppen sitzen und brummen oder eine Pfanne auf den Kopf tragen und beim Brunnen heulen... Die Hexe musste währenddessen alle Besucher fangen die die gleiche Mission hatten und dann wurde der Gefangene auch zur Hexe. Ich Justin gewann das Spiel und wurde zur Hexenmeister. Dann gingen wir alle schlafen.



Rapport Krëschtcamp vun den SG/EX

Nodeems mir dësen moien méi fréi erwäsch goufen, hun mir schnell eisen Rucksack gepaack an sinn eriwwer Müsli iessen gaangen. No de Chargen, hun mir eis an den Patrullen op drei Dëscher verdeelt an eisen Ooffall deen mir matbruecht haaten, aus den Tuten geholl. Lo sollt all Patrull doraus een Roboter bauen. Déi Equipe mam schéinsten, coolsten, schnellsten an gréissten Roboter sollt dono gewannen. Ech mengen eis Roboter waren alleguer nët schlecht, dofir haat zum Schluss och keen gewonnen. Fir d'Mëttegiessen hun mir Sandwichen an den Rescht vun der Nuddelszalot giess. Dono hun mer den groussen Sall, d'Kichen an den Gank gebotzt. D'Dortoiren waren schon färdeg. : Zum Oofschloss sinn mer nach eng leschten kéier mam Prof.Kumulus an séng Zeitmaschinn geklommen, fir zeréck an eis Zäit ze kommen. Zeréck aus der Zukunft, hun mer eis mat dem Rucksack op den Wee fir op Arsdorf gemaach. Wou mer endlech den Bussarret fonnt haaten an woussten op wéi enger Stroossensäit mer missten waarden, goufen mer vun engem aalen Mann aus der Fënster vun séngem Haus beobacht bis de Bus dunn koum. Wierklech eng komesch Persoun!!! Op der Gare vun Ettelbréck hun mir den Zuch fir Richtung Gare Lëtzebuerg geholl fir Heem.

Sarah



EXPLORER

2.Daag

Moies haaten mir den choix, an konnten tëscht 8h30 bis 10h00



opstoën fir ze iessen.

Mir hun nom lessen

d'Chargen gemaach an dann ass "d'Hexespill" ungaang. Et waren verschidden Posten déi jeweils zum Thema vum Camp (Zäitrees) gepasst hun. Daat Spill huet den ganzen Moien gedauert. Dun hun mir zu Mëtteg giess. Mëttes hun mir Patrullenweis Geméis geschnidden, well daat vill Aarbëscht war fir owes den Pot-Au-Feu ze kachen. Dann haaten mir Fräizäit. Als et Zäit war fir z'iessen, hun mir daat gemaach, erëm gespullt, gebotzt, etc. an hun eis fir d'Nuetsspill prett gemaach. Den Prinzip vum Spill war et dass ganz am Ufank een "d'Hex" ass, an deen soll d'Léit fänken déi déi selwecht "Roll" wéi hien hun. D'Rollen ginn geloust, an dann muss een 2 Minuten laang daat maachen waat drop steet. An deenen 2 Minuten konnt d'Hex dann deen fänken deen daat selwecht wéi hien haat, an deen war dann och eng. Dann ass nei geloust ginn. D'Spill ass esou weider gaang bis dass een den letzten "Léiwen" war. Den Justin huet d'Spill gewonn. D'Rollen sinn och ganz originell vun den Cheffen gesicht ginn: z.B.hätt engem séng Mission kéinten sinn am Krees ze dréinen, d'Traapen rop an roof ze laafen, engem alles no maachen, op der Plaatz stoën bleiwen oder souguer mat engem Potto ze knutschen. Nom Spill war et schon spéit an mir sinn schloofen gaang fir den Sonnden nach an



Lions Bleus NEWS

Lions Bleus News

!!! OPRUFF !!!

Denk drun Photoen eranzeginn
(egal op aal oder nei) fir dat mer e flotten
LionsBleus-Photoarchive kënnen opbauen.

Schéckt dës ganz einfach op
(foto@lionsbleus.lu)
oder gidd mer se direkt per
CD oder Stick...

TAHR



LIONS BLEUS SHOP

Den Lions Bleus Shop ass fir nächst op
vun 15h45 - 16h15 den:

02/02/2013

16/03/2013

20/04/2013

11/05/2013

08/06/2013

06/07/2013



EMYS



KALENNER 2013

Jo en ass **nees do**, den neien FNEL's Kalenner fir d'Joër 2013. E wichtegt Stèck, daat an kengem
Haus dierf feelen. Praktësches ass en och nach dobai, well dir kënnst lech all d'Lions Bleus Datumer hei
dran vermieren wéi och är Privat.

Wou krid een daat gudd Stèck?

Natiirlech bei eis am Lions Bleus Shop fir ganzer **5 €**.

Dat mer nèt drop setzen bleiwen ginn ët just 100 Lions Bleus Exemplairen. Dofir maach dech schnell
op Bouneweg :)

WOSM & fnel NEWS

WOSM&fnel News

fnel 
scouts & guides

FNEL SCOUTS-SHOP

Nouv.Adresse:

64A, rue de Trèves

L-2630 Cents

Tel: 26 48 04 50

JOURS d'Ouvertures:

17:00 - 19:00

Den ScoutsShop ass **ëmmer**

Donneschdes op, ausser
während den Schoulvakanzen!!!

ALLGEMENG Datumer:

01/02/2013 Rover Quiz bei den AI
02-03/02/2013 BV Formation
03/02/2013 SG Wanterlaaf
03/02/2013 SixerDaag
07/02/2013 Réunion semestrielle
23-24/02/2013 SG/EX Formation
09-10/03/2013 EX/RO Raid
16-17/03/2013 Bosses & Bobos

21/03/2013 Soirée Chef de groupes
23-26/03/2013 LS Formation
29-01/04/2013 EX Brevêt
02-06/04/2013 Explorercamp zu Berlin
13-14/04/2013 Bosses & Bobos
27-28/04/2013 SixerWeekend
04-05/05/2013 Explo Inauguration NQF
18-21/05/2013 P-Camp fir schwach Gruppen

et schengt

et schengt

- 01) wéi wann den Sail 2013 vun den bloën Léiwen elo méi Form géif unhuelen
- 02) wéi wann den Pot de Fin d'Année bei der FNEL dëst Joër en bëssen méi laang gedauert hätt
- 03) wéi wann d'Cheffenequipe eng kéier kuerz gewuess wier, an elo erëm geschrumpft wier
- 04) wéi wann nëmmen d'Wëllef op der Schlittschongspiste géifen rutschen.
- 05) wéi wann d'Explorer leider nëmmen zu Zwee um Sportsdaag opgetaucht wären
- 06) wéi wann d'Fräschchen hier Unité Pilote am Joër 12/13 géifen maachen.
- 07) wéi wann d'Explorerezëmmer geännert géif ginn
- 08) wéi wann Sido den neien Musékstrend an der männlecher Cheffenequip wier.
- 09) wéi wann d'Wëllefcher kleng Défiziter mam Zäitgefill hätten
- 10) wéi wann nët all Baart fest ugewues ass
- 11) wéi wann d'Beavercheffen keen Talent am oofschätzen vun Zäit hätten
- 12) wéi wann d'Beaver regelméisseg an Altersheimer ze gesinn wieren
- 13) wéi wann den CityTrip vun der Fnel en vollen Erfolleg gewiecht wier
- 14) wéi wann d'Wëllefcher keng Auer liesen kéinten
- 15) wéi wann d'Wëllefcher dëst Joër ganz kreativ wären
- 16) wéi wann ët zu Brugge zimlech glaat gewiercht wär
- 17) wéi wann vill Photoen zu Brugge gemaach ginn wären
- 18) wéi wann den Scoutismus keng Finanzkriis kennt
- 19) wéi wann mir gläich kënnen Lions Gris heeschen
- 20) wéi wann d'Explorer vun den Bloen Léiwen am Rettungsschwammen blo gemaach hätten
- 21) wéi wann Déieren aus dem Bësch zimlech opgereegt wären

et schengt net nemmen

et schengt net nemmen

- 01) wéi wann eis Booter elo am Haafen op eis géingen waarden wann den Bus voller Lëtzebuerger unkënn
- 02) wéi wann um 3 Auer d'Dier zougespaart ginn wier
- 03) wéi wann d'Leit erëm am Ausland op den Uni'en géifen setzen
- 04) wéi wann d'Stroossen och géifen enger Eispist gläichen
- 05) wéi wann dës zwee trotzdem Motivatioun an Éiergaiz gewisen hätten
- 06) wéi wann nom Fiirgléien den Dieselmotor elo normal géif laafen an s'ech hei eppes géif beweegen
- 07) wéi wann d'Couchen schon all eraus geholl ginn wieren
- 08) wéi wann sie hien souguer live wélten kucken goën
- 09) wéi wann sie um 5 Auer mat hierem Schéinheetsschloof ungebraungen hätten
- 10) dat daat awer guer nët opfällt an keen Grond ass s'ech ze schummen
- 11) wéi wann méi wéi een Blech mat leckeren Kichelecher verbrannt wier
- 12) wéi wann sie no den Kichelcher verdeelen, elo och an en Altersheim liischen woren
- 13) wéi wann een verschidden Léit mol vun enger ganz neier Sait erliewt hätt
- 14) wéi wann sie hien Cheffen gleewen géingen dat sie an d'Bett missten, opwuel ët réicht 5 Auer ass
- 15) wéi wann se ouni hier Cheffen ganz Lidder kéinten komponéieren & dobai och nach danzen kéinten
- 16) wéi wann jiddereen mindestens 1 mol den Buedem vun noëm gesinn hätt
- 17) wéi wann déi Photoen ze schéin ginn wären, fir irgend engem ze weisen
- 18) wéi wann mir een neien Daach kréichen
- 19) wéi wann mir d'nächst Joër 100 Kerzen ausbloosen kënnen
- 20) wéi wann een s'ech freet op d'Froggyen elo waasserschei wieren!
- 21) wéi wann demnächst eng grouss Hochzäit am Bësch zelebréiert géif ginn !!!

Melle Meyer Arlette - MM Majerus Tina - MM Majerus Evelyne - Melle Goergen Simone - MM Schumarini-Leuk Egidio - MM Jenin-Thomé - MM Fay-Bisdorf - Maki & Manul - MM Majerus Patrick - MM Schaack-Hirsch Albert - Anonyme - M Goergen Claude - Mme Federmeyer Berthe - M. Grün Joe - MM Heinen G. + Sendel Denise - M. Thibo Charles - M. Rohmer Kevin - MM Kohn-Mergen Christiane - MM Schintgen Chouch - Famille Reiniers - Thein Pit - Bauler Fränk - Sirazki - Famille Sinner - Cahen

D' Wandrous no 341 as zesummengesatgin a fortgeschéckt gin: Atra, Atra, Atra, Atra, Atra, Atra & Onbekannt

Un der WANDROUS N°342 hun matgeschafft:

LIB / Maîtrise Beaver - Wëllef - Scouten a Explorer / Tamia / Kodiak / Atra / Kleeschen / Nora / Lena / Lieblingshippicheffen / Charel W., Justin, Sarah a Samuel

Programm Wandrouws

den 3Meint-Programm

februar'13			märz'13			abrëll'13		
Fr	1	RoverQuiz FNEL	Fr	1		Me	1	
Sa	2	Beaver/Meute/Explorer	Sa	2	Beaver/Wëllef/Troupe	Dë	2	EX-Camp zu BERLIN (FNEL)
So	3	Sixerdaag (LX) Wanterlaaf (SG)	So	3		Më	3	EX-Camp zu BERLIN (FNEL)
Me	4		Me	4		Do	4	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp SG
Dë	5		Dë	5		Fr	5	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp SG
Më	6	Permanence	Më	6	Permanence	Sa	6	EX-Camp zu BERLIN (FNEL) Ouschtercamp SG
Do	7	Réunion semestrielle FNEL	Do	7		So	7	
Fr	8	TECHUANA	Fr	8		Me	8	
Sa	9	TECHUANA keng Versammlung	Sa	9	Wëllef/Patrull BV Sortie / EX-RO Raid (FNEL)	Dë	9	
So	10	TECHUANA	So	10	EX-RO Raid (FNEL)	Më	10	Permanence
Me	11	TECHUANA	Me	11		Do	11	
Dë	12	TECHUANA	Dë	12		Fr	12	
Më	13	TECHUANA	Më	13	Permanence	Sa	13	Beaver/Wëllef/Patrull/Explorer
Do	14	TECHUANA	Do	14		So	14	
Fr	15	TECHUANA	Fr	15		Me	15	
Sa	16	TECHUANA keng Versammlung	Sa	16	Beaver/Wëllef/Troupe/Explorer	Dë	16	
So	17	TECHUANA	So	17		Më	17	Permanence
Me	18		Me	18		Do	18	
Dë	19		Dë	19		Fr	19	
Më	20	COGRA	Më	20	Permanence	Sa	20	Beaver/Wëllef/Patrull
Do	21	Comité LBB	Do	21	Comité LBB	So	21	
Fr	22		Fr	22		Me	22	
Sa	23	Beaver LX Fuesparty&Baacksortie Sail	Sa	23	Ouschtercamp LX	Dë	23	
So	24		So	24	Ouschtercamp LX	Më	24	Permanence
Me	25		Me	25	Ouschtercamp LX	Do	25	Comité LBB
Dë	26		Dë	26		Fr		
Më	27	Permanence	Më	27		Sa	27	Beaver/Troupe/Explorer
Do	28		Do	28		So	28	
			Fr	29		Me	29	
			Sa	30		Dë	30	
			So	31				

Allerläscht Wandrous - Sait


www.lionsbleus.lu



fne! 
scouts & guides



ECH PRESENTEIREN,
DER LBBAIR HIER NEI SUMMER
MUTZEN*



* THAT'S ALL FOLKS